

SCHILDA... net fir ze laachen!

E sief emol direkt gesot, datt mir hei ganz éierbar Kliniken hunn an och Dokteren – natierlech och net ëmmer 'eiser' – déi et roueg mat hire Kollegen am Ausland kënnen ophuelen. Wann 'eng geschitt', da gëtt ower d'meescht gemengt, dat giff et 'am Ausland' net ginn. Dat ass glat net esou sécher, well vun do héiert a liest een och net nëmme lauter Brillantes, an et sinn ewell vill Leit mat e sëllege Problemer a Kritik erëmkomm.

Wat et am Ausland ower ganz sécher net gëtt: e Patient, deen säin Dokter net versteet... an den Här Dokter de Patient net. Nach méi koppeg: zwéin Doktere beim selwechte Patient, wou deen een deen aneren net 'matkritt'! Dat heescht och nach, datt deen een d'Sprooch net kann, an deer deen aneren him eng Notiz mécht... da muss een sech emol iwwerleeën, watfir eng Kuebereien do kënnen erauskommen. Vill méi dramatesch ass ower **de Risiko fir de Patient:** Et ass méiglech, datt säin Dokter net 'klickert', wat hie wëllt soen... an ëmgedrëint. Datt esou da méi ewéi **kriddeleg, vläicht doudgefëierlech Situatiounen** kënnen entstoën, dat bekäppt dach deen Aller-Topgeste vun äis. Just déi, déi organisatoresch eppes kënnen dorun änneren, déi schéngen dat net wëlle wouer ze hunn. Oder et ass hinne 'mettwurscht-egal'!

Wann et sech ëm d'däitsch Sprooch dréint, kënt de Lëtzebuenger jo knapps an d'Labberänten. **Geet et ower ëm d'Franséisch, da sinn der gaaanz vill schlecht drun:** déi eng hunn dat ni esou geléiert, datt si sech spillen kënnen op Franséisch ënnerhalen; et gëtt ower och Leit, déi Krämpes beim Schwätzen hunn, well si dat net gewinnt sinn... mä wat do maachen? Dat ass eng Fro fir den 'dispatching' an der Klinik, also d'Verdeelung vun den Dokteren op d'Patienten. Natierlech ass dat net esou einfach, mä et kënt ower emol probéiert ginn, **e Patient ze froen, ob hien am Franséischen 'doheem' wier;** zwéi Medezinner, wou keen deem aner seng Sprooch kann, däreften net zesummen un deeselwechte Kranke gelooss ginn, well do Gefore kënnen entstoën, déi jo kee verstännege Mënsch ofstreide kann! Et ass net esou liicht, ower wann et 'un d'Lieweg' geet, dann ass et dach bestëmmt dowäert, sech emol en etlech zerguttst Gedanken iwwer all déi trauereg Situatiounen ze maachen, déi et an deem Sënn a ville vun eise Spideeler leider vill ze dacks gëtt.

Wat huet dat dann elo mat eiser Sprooch ze dinn? Mä **fir eng 'normal' privat Consultatioun wíelt zesoe jiddereen sech en Dokter eraus,** mat deem hien sech kloer verstännege kann. **An enger Klinik do stinn** dacks op eemol Leit beim Bett, déi hien nach ni gesinn huet an net versteet. Dat ass d'Kromm an der Heck! Dat däreft et net ginn. Stellt iech emol zu Lyon e Patient fir, deen (ongefrot!) no senger Operatioun en engleschen an en italiéineschen Dokter vrun sech huet... déi hie selwer net versteet, an déi sech ënnereneen net verstin. Einfach net ze gleewen!

Eis Sproochsituatioun huet ganz sécher vill Guddes. Schlecht drun ass ower, datt am Ausland déi gelungenst Saachen dovun gehal ginn, z.B. mir giffen alles verstoen oder esouguer schwätzen. Fir Bréidercher oder Zoossiss ze verkafen, ass déi falsch Meenung net wichteg... **mä am Klinik-Milieu ass et eng Katastroph... a Lëtzebuerg an deem Sënn Schilda!**

Denkt den 23. Juni w.e.g. drun!

Mir fannen et jo ewell ganz normal, och spaasseg, wa **sportbegeeschtert Leit op enger Course oder engem Match** ee vun eise Fändele schwenken, oder sech esouguer dran amummelen. Net esou wichteg schéngt et deenen Allermeeschten, fir um Nationalfeierdag e Lëtzebuenger Fändel erauszehänken; e sëllege portugisesch Leit hunn der deen Dag esouguer 2 um Haus: eisen an hiren niewteneen, bravo! Datt der 'an der Zäit' aus Express a Roserei de rout-wäiss-bloe Fändel erausgehang hunn an dofir an de Prisong oder d'KZ komm sinn... vergiess? Et geet äis jo gutt, gelldir.



«Wou kritt een dann esou eppes?» Mä kuckt emol d'**Adressen am gielen Téléphonsbuch,** op der Säit 360. Dir wäert gesinn, datt et emol guer net esou deier ass. Vläicht kënt dir och an oder un enger Verwaltung 'stëppelen' wat sech deen Dag fir si passt; **et sief, e Minister giff dat mat senger Kompetenz maachen!**



vum Lex Roth

Ceterum censeo... (41)!

Léif Deputéierten a Regierungsmembren! Et ass gewosst, datt dir den Ament **ganz aner Suergen wéi eis Sprooch huet**... mä vläicht ass et grad an enger kriddeleger Zäit wéi dës net ëmsoss, datt dir drun denkt, deem wichtigsten Element vun eiser Identitéit eng zerguttstert Plaz am Grondgesetz, der Constitutioun vun eisem Land ze ginn. Et gëtt dach näischt (méi?), wat äis doru soll hënneren. Hei rondrem äis steet d'Sprooch vum Land als Selbstverständlechkeet an der Verfassung! Am Frankräich esouguer am Artikel 2.

D'Sprooch vum Grand-Duché ass nun emol Lëtzebuergesch... an **dir selwer huet och nach en Nationalitéitsgesetz gestëmmt, dat jidferen zwéngt eis Sprooch ze kënnen, fir Lëtzebuenger ze ginn.** Sot emol, wat nach an de Féiss steet, fir iech an deem Sënn an der Constitutioun konsequent ze ginn, also: **La langue du Grand-Duché de Luxembourg est le luxembourgeois; en matière administrative et judiciaire, l'emploi d'autres langues est défini par la loi.** Dat ass géint näischt a géint guer a glat keen!

Eng Decken um Kapp

Et ass e Gefill, dat mir alleguer gär hunn: d'**Decken** iwwer d'Oueren zéien a gutt schlofen. Ower hei hu mir deer Wieder eent, dat et am Däitschen (ouni 'n') och gëtt, mä mat nach enger weiderer **Bedeutung, déi d'Lëtzebuergesch an deem Sënn iwwerhaupt net huet.** Do ass 'Decke' och nach dat, wat mir ouni déi mannsten Ausnahm 'e Plafang / Plafong' nennen; dee gudden Handwierker, deen de Plafong mat sengem Gips bewerft, ass jo och net ëmmer nëmme e 'Gips'er', mä e 'Plafonéierer'... iwregens eng héich respektabel, ongesond a schweier Geschéckerlechkeets-Aarbecht.

Mir dann hei domat? Mä do huet een säi formidabelt Lëtzebuergesch um Mikro zumbeschte ginn a gemengt, et wier engem an enger bestëmmter Situatioun **'d'Decken op de Kapp gefall'** ☺ Dat deet kengem, an eiser Sprooch, wéi, well déi ass aus Stofft. Datt de Plafong engem kann op d'Bëls trëllen, dat Gefill huet een iwregens dacks, wann een um Mikro Leit héiert, déi net ëmstand sinn, aus dem Däitschen en éierbart Lëtzebuergesch ze maachen... dat Ëmgedrëint vläicht och net. Wéi d'Madame Hoffmann-Felten aus hirem Äifer eraus war, huet si äis dat geschriwwen... a mir ginn et fir iech weider.

Déi 'gëlleg' Fra?

Wat huet dat aremt Meedchen dann nëmme verbrach, datt et esou 'geschleeft' gëtt. Et ass jo gutt, datt si **fir op Shanghai mol erëm éierbar erausgebotzt** ginn ass; wéi wier si da soss 'do komm'? Deene Milliounen Leit op Besuch solle mir dem Claus Cito säi Meeschterwierk och fir en etlech Méint vergonnen... et gëtt äis jo net ontrei ☺. Et ass och nawell keng esou eng iwwel Iddi, eng Etape mat hir zu Käerjeng ze maachen... endlech kritt de Kënschtler – deen an sengem Heemechtsduerf net zumbeschten ugesi war a praktesch an der Aarmutt gestuerwen ass – eng Unerkennung, déi hie veréngt huet!

Wat dat mat eiser Sprooch ze dinn huet? Mä dat, wouriwwer dir vläicht hei an der Iwwerschrëft gegrinst huet: déi 'gëlleg' Fra ☺. Dir mengt, dat giff et net ginn? Mä den Här Norbert Doemer an anerer hunn äis gesot, datt een eis 'Gëlle Fra esou' op der TV vernannt huet. Well dat esou... bëlleg ass, hu mir et hei op d'Schëpp geholl. «Wéi ass et da mam Gëllichs», huet emol ee gesot; deen aneren huet gemengt, et wier «keen doheem»... schued, datt eis Gëlle Fra de Kapp net rësele kann.

beinhalten – eingeeigelt – geimpft

...dat ass absolutt richtegt Däitsch. Do stéiert keen sech drun, **datt deen 'ei' beim Liesen einfach auserneegeholl gëtt.** Just mir mengen, mir missten an eiser Schreifweis de Fléi nach d'Lais siche goen, an zwar mat säckweisem 'E an Trema-Markéieren' fir dee sougenannte 'betounten zouenen E'. Dat féiert dann zu Knätzelerien, déi am Fong iwwerflësseg sinn: Geleeënheet (6 mol!), Pompjeeën, feeën... méi onnëtz ëmstänterlech geet et net.

Dee Bëckelchen hätt 1999 beim VEREINFACHE vun eiser Orthographie net misse sinn. Leider war deemools de Josy Braun deen Eenzege an deer Commissioun, deen eng Praxis am Bäibréng vum eiser Schreifweis hat... hie krut sech net duerchgesat.

Mir maachen de Baart...

Hei hate mir jo ewell rieds dovun, dat mir Lëtzebuenger et fäerdegrängen, e Stéck Rëndfleesch vum Pærd z'essen: e Pærdsbüffdeck. E Genoss. Vun äis wäscht jo och keen sech d'Hoer; mir maachen dat wierklech zerguttst a wäschen... de Kapp! Dat gëtt et nëmme eemol op der Welt, an zwar bei deene gelungene Klatzkäpp vu Lëtzebuenger.

Elo nach esou eng Bosseg: **Hei ass sech ni raséiert ginn;** et guff – a gëtt och nach d'meescht – de Baart gemaach; e 'Raséierapparat' ass nach bei villen e Baartapparat; schued, wann dat soll verblatzen. Wat ower ganz sécher net vergeet, dat ass eisen Ausdrock, fir **een emol gutt 'erbäizehuelen/ ze erwiederer' an him emol ferm 'de Baart ze maachen'**... esouguer wann et eng Jëfferchen oder eng Madämchen ass. Dat ass nun emol **EISES, esou wéi dir es kéipweis an eisem Buch mam selwechten Titel a mat Dausende dës Beispiller fannt.** Präiss: En halwe Pærdsbüffdeck. ☺